N° 4573
Reçue le 22.07.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Luxembourg, le 22 juillet 2021

Le Ministre de l'Économie
à
Monsieur le Ministre aux
Relations avec le Parlement

L-2450 LUXEMBOURG

Réf. : QP4573-02/SW-rg

Objet: **Question parlementaire n°4573 du 29 juin 2021 de Monsieur le Député Roy Reding**

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Pour le Ministre de l'Économie

Luc Decker
Conseiller

Dossier suivi par : Stéphanie Wagemans, tél : 247-88425 ; email : stephanie.wagemans@eco.etat.lu

19-21, boulevard Royal
L-2449 Luxembourg
TVA LU 158 52 112

Tél. (+352) 247-82478
Fax (+352) 46 04 48
IBLC 158 52 112

Adresse postale:
L-2914 Luxembourg

info@eco.public.lu
www.gouvernement.lu/meco
www.luxembourg.lu

126-000010-20040525-FR

Réponse de Monsieur le Ministre de l'Économie, Franz Fayot, à la question parlementaire n°4573 du 29 juin 2021 de Monsieur le Député Roy Reding au sujet du traitement des données par Post Finance

POST Finance hat am Oktober 2020 eng Ëmfro bei engem Institut fir Maartfuerschung an Opdrag ginn iwwer hire Positionnement am Bankemarché. Di Ëmfro huet sech u POST Cliente geriicht. Dobäi koum eraus, dass 30% vun deene Clienten déi gefrot goufen, ausschliisslech e Kont bei POST Finance hunn. Op dës Donnéeë gouf sech an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro 4314 beruff. POST Finance confirméiert dass se d'Donnéeë vun hire Clienten a Konformitéit mat der Gesetzgebung traitéiert an och keng Donnéeën iwwer zousätzlech Konte vun hire Clienten erhiewt.

POST Finance ass keng Bank, se huet awer de Statut als PSF (professionnel du secteur financier) an ënnerläit domadder de reglementareschen Obligatioune vum Finanzsecteur. Wat d'Konditiounen ugeet fir e Kont opzemaachen präziséiert POST Finance dass den Ënnerscheed mat de Banke reng kommerzieller Natur ass. Jiddereen deen eng signifikant Relatioun mat Lëtzebuerg oder mat der Groussregioun huet, well en zum Beispill hei am Land wunnt oder hei e fest Akommes huet, kann, wann hien déi gesetzlech Konditiounen erfëllt, bei POST Finance e Kont opmaachen.

Zanter dass d'Gesetz vum 13 Juni 2017 iwwert d'Konten (*Loi du 13 juin 2017 relative aux comptes de paiement et portant : 1. transposition de la directive 2014/92/UE du Parlement européen et du Conseil du 23 juillet 2014 sur la comparabilité des frais liés aux comptes de paiement, le changement de compte de paiement et l'accès à un compte de paiement assorti de prestations de base; et 2. modification de la loi modifiée du 15 décembre 2000 sur les services financiers postaux*) d'Gesetz vum 15 Dezember 2000 iwwert d'Postfinanzzerwisser (*Loi du 15 décembre 2000 sur les services postaux et les services financiers postaux*) ofgeännert huet, muss POST Finance net méi en Universalzerwiss am Beräich vun de Finanzzerwisser ubidden oder d'Recht op e Kont garantéieren.